

Eis Berufsausbildung, en Zwëscheruff

Här Minister Meisch,


et as d'Zeit vun de Klassekonferenzen an der Schoul.

Et as d'Zeit wu di wirklech Problemer vun der Schoul op d'Tapét kommen.

Der Mme Delvaux hir Equipe huet d'Berufsausbildung futti reforméiert.

D'Resultat as en Desaster!

Zu den onglablechsten¹ Décisionen aus dem MEN gehéieren d'Ofschafe vum Doubléieren an d'Ofschafe vum engem richtegen Examen bei den Techniker a Gesellen.²



E Beispill aus der Praxis³: op der 12e sëtze Schüler di riicht „weider“ komm sinn: 10e, 11e, 12e, och wann se d'Grundlage-Moduler vun 10e an 11e nach net gepackt hunn. Déi verstinn natierlech elo ganz wéineg vun den neie Fächer. Et ass esou wéi wann ee soll Shakespeare liesen an nach keng Bustawe kennt. Si hunn e Bierg vu Rattrapagen di se misste man, méi wéi an der Zäit di hinnen zur

1 Wann ech mat Leit schwätzen di näischt direkt mat der Schoul ze doen hunn, héieren ech ëmmer erëm Sätz wéi: „Nee, dat kann dach net sinn! Hun déi se nach all?“ asw.

2 Den Examen ass ersat ginn duerch e „Projet Intégré final“, deen net méi all Fächer seriö ofpréife kann, mee durfir awer eng Lawin vu bürokrateschem Opwand generéiert. Mir hate schon eng Kéier eng „Epreuve intégrée“ als Deel vum Examen, si ass ofgeschafft ginn wéinst dem onmoosegen Opwand a well se net méi bruecht huet wéi de klassischen Examen. Eng gutt Iddi um Schreiwesch ass leider net ëmmer eng gutt Iddi an der Praxis!

3 Ech beschreiwen hei e Beispill aus menger Praxis, an aneren Ausbildungen schéngt et ganz ähnlech ze sinn. Di selwecht Problemer kommen d'nächst Joer a verschärfte Form op der 13e op eis dur. Wi ech gehéiert hunn gëtt et ähnlech Problemer och am Cycle Inférieur an an der Primärschoul.

Verfügung steet ze packen ass⁴, an si gesi keng Perspektiv fir jemols eng Kéier fäerdeg ze ginn. Solle mer eis wonneren wann déi Schüler d'Knëppele bei d'Tromm geheien an d'Gefill hunn, et hätt souwisou alles kee Wert?

Wat engem als Prof richteg wéi deet ass de Gedanken dass vill vun dese Schüler am ale System hiren Diplom kritt hätten, well se dann op 10e oder 11e eng Kéier doubléiert hätten. De Compteur wär erëm op null gesat ginn, si hätten en heelsame Choc kritt a sech dru ginn fir et besser ze man. Nom neie System ginn eis Leit verluer, di wertvoll Handwierker könnte ginn déi mer sou dringend brauchen. A wat gött elo aus hinnen? No 6 Joer an der Schoul wäerten se viraussichtlech nach ëmmer keen Diplom hunn.

Här Meisch, hëlleft eis derfir ze suergen dass des Problemer séier geléist ginn, an zwar do wu se entstin, am Ufank vun der Ausbildung⁵.

Vill resignéiert an découragéiert Schüler aProffen wäeren Iech dankbar derfir.

Mat frëndleche Gréiss,

Jean-Claude Feltes
Professeur-ingénieur am LTAM
jean-claude.feltes@education.lu

4 Fir d'Schouldirektiounen stellt d'Organiséiere vun de Rattrapagen eng quasi onléisbar Aufgab duer. Des könnt bei di aner Erausforderungen derbei: Disziplinsproblemer, Drogeproblemer, Léierresistenz vun de Schüler, fehlend Säll an de Gebaier etc.

5 Ech hu Gerüchter gehéiert dass elo soll um Enn vun der Ausbildung e Joer derbeigesat ginn. Dat hëlleft awer näischt, de Problem muss do ugepakt ginn wou en entsteht: am Ufank!